# Projet „Al Schoul“

Lors de la séance publique du 30.09, le conseil communal a définitivement voté le projet de la « Al Schoul ». Voici un extrait de l'allocution du bourgmestre :

An der Gemengerotssitzung vum 30.09. gouf de Projet vun der aler Schoul elo definitiv gestëmmt. Hei en Auszuch aus dem Buergermeeschter senger Usprooch:

„Mir sinn elo um Enn vun engem laange Wee ukomm a konnten zesumme mam Architektebureau Thillens eng flott Léisung fannen.

Et ass e Projet, deen den Duerfkär wäert opwäerten, eng Place de rencontre, e Gebai fir eis Veräiner, eis Kommissiounen an natierlech och eis Schierener Awunner. Eng Plaz, fir Fester, Manifestatiounen, Hochzäiten, Gebuertsdeeg ze feieren, e puer flotter Stonnen ze verbréngen. Et ass e Projet, mat engem Ausseberäich, enger flotter Terrass, engem Parking direkt hannendrun, deen eng Plus-value fir d'Schierener Gemeng, d'Nordstad an déi ganz Regioun wäert sinn.

Hei e kuerzen Historique vun de Gebailechkeeten:

De grousse Festsall op der Haaptstrooss, huet bis an d'1960er Joeren als Schoulgebai gedingt.

De lénke Fligel gouf 1851 gebaut, also just mol ee Joer no der Eegestännegkeet vun der Schierener Gemeng.

De rietse Fligel koum 1866 derbäi a war ursprünglich als Schoulgebai, mat getrennte Säll fir Jongen a Meedercher, mat enger Wunneng zur Säit vun der Rue du Moulin a mat Wunnengen uewenop fir d'Schoulschwëstere geduecht. Ugebaut goufen hei eng Molkerei an en Holzschapp.

An de 1960er Joeren gouf dunn den éischte Festsall mat 2 Niveauen ageriicht, wou den ieweschten Deel joerelang als Theaterbün gedingt huet.

Deemools ass och d'Gemengesekretariat do ageriicht ginn, an zwar an deem Sall, wou elo d'Fraen a Mammen aktiv sinn.

1979 gouf säitlech vum Festsall dat neit Gemengenhaus mat Sitzungssall an dräi Bureauen ageweit.

Zu deem Zäitpunkt stong schonn den Ubau, deen als Gemengenatelier an als Pompjeesbau gedingt huet.

Och d'Vestiairë fir de Schierener Fussball haten doranner um 1. Stack hir Plaz fonnt. Wärend am ale Schoulgebai praktesch näischt méi geännert gouf, huet den Ubau awer dunn nach eng komplett nei Affektatioun kritt.

Nodeems Mëtt den 80er Joren de Fussball seng eege Vestiairen um Fussballsterrain kritt huet an de Gemengenatelier och en neit Gebai konnt bezéien, war Plaz fir den neie Festsall, och nach Vollekskiche genannt. An där Vollekskichen huet d'Chorale säitdeem hiren eegene Proufsall.

1990 ass d'Schierener Gemeng dunn och nach geplënnert, an déi al Schoul huet nach just de Veräiner gedingt.

Elo soll de Site ëmgebaut an opgewäert ginn an e soll natierlech och behënnertegerecht ëmgebaut ginn.

Dass dat e finanziellen Hoff gëtt, stong ëmmer ausser Fro, de Käschtepunkt läit bei 5,2 Mio. Euro.“







